ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Abrëll 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et geet em e méiglechen Enkpass bei der Versuergung mat Medikamenter am Kontext vun der Corona-Kris.

An engem Artikel am « Luxemburger Wort" vum 2.4.20 ("Selfmademan") seet den Här Professer Markus Ollert vum LIH dëst:

"*Denn für all die experimentellen Therapien, die wir im Moment gegen Covid-19 einsetzen, wird es in einigen Wochen einen Engpass an Medikamenten auf dem Weltmarkt geben. Die Nachfrage ist zu hoch, die Produktion kommt noch nicht hinterher.*"

Et mierkt een och, datt sech an enger Rei vun europäesche Länner eng gewëssen Onrou breet mécht, well vill Leit mengen, datt d'Ofhängegkeet vu Produzenten aus dem net-europäesche Raum, wéi och déi héich Nofro u Medikamenter, kéinten zu enger Penurie bei Medikamenter féieren an dat net nëmmen an dem spezifesche Beräich vun der Lutte géint COVID-19. Fir eng Beonrouegung an der Populatioun a méiglech Hamsterkeef ze verhënnere schéngt et wichteg an dësem Domän eng ganz oppen an zouverlässeg Informatiounspolitik vun der Säit vun der Regierung ze hunn.

Dowéinst wollte mir der Regierung dës Froe stellen:

1. Ass et korrekt, datt et kann zu enger Penurie u Medikamenter kommen ? Wa jo, wéini a wéi eng Medikamenter wäre betraff ?
2. Wéi eng Moossnamen hëlt d'Regierung fir deene Problemer, déi bei enger insuffizienter Versuergung mat Medikamenter entstoe kënnen, präventiv entgéint ze wierken ?

3. Wéi eng Verhalensreegele ginn un an dem Kontext un d'Ëffentlechkeet, un d'Acteuren aus dem medezineschen a para-medezinesche Secteuren a besonnesch un d'Apdikten ?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten